

Budgetsried vum Finanzminister

Budgetsdebatten 16. Dezember 2020

Inhaltsverzeechness

ALEEDUNG	3
I. D'NEIEGKEETEN UM INTERNATIONALEN AN NATIONALEN PLANG.....	6
A. Déi manner gutt Noriichten	6
1. Zweet Pandémieswell	6
2. Brexit	7
B. Déi besser Noriichten	9
1. Besser Zuelen fir d'Joer 2020	9
2. COVID Impfung	10
3. Europäeschen Plan de relance	11
4. Nei Administratioun USA	12
C. Nei COVID-Mesuren an déi deementspriechend Amendementer zum Budget	14
1. Verlängert Mesuren fir den Fonds de relance	16
2. Verlängerung vun den Régimes d'aides	18
3. Verlängerung vum Régime de garantie	19
4. D'Weiderféieren vum Chômage partiel	19
5. Nei Mesuren fir d'Kultur	20
6. D'Erhéigung vum Mindestloun	20
7. Den Kaf vum Impfstoff géint de COVID	21
8. D'Efficaciteit vun den Spideeler stäerken	21
9. D'Prise en Charge vun de Käschten vun der CNS	22
10. Amendementer zu der CO ₂ -Steier	23

II.	AVISEN ZUM BUDGET	24
A.	Ze optimistesche Prévisionen	24
B.	Héich Investissementen	26
C.	D'Steiermesuren	29
1.	Solidaritéit	30
2.	Logement	31
3.	Nohaltegkeet	33
4.	Kompetitivitéit	35
D.	D'Gesondheet vun den Staatsfinanzen	37
III.	D'ZUELEN VUM BUDGET 2021	43
A.	SEC 2010: Administration publique	43
B.	Comptabilitéitsgesetz: Staatsbudget	45
	SCHLUSSFOLGERUNG	46

Budgetsried vum Finanzminister

Budgetsdebatten 16. Dezember 2020

Seul le texte prononcé fait foi

ALEEDUNG

Här President,

Léif Regierungskollegen,

Dir Dammen an dir Hären,

Éier ech mam Hauptdeel vun menger Ried ufänken wéilt ech dem Rapporteur fir säin gudden mëndlechen an schrëftlechen Rapport Merci soen.

Den Budgetsrapporteur huet an engem voluminéisen Dokument illustréiert wou d'Défien fir den Staatsbudget an dësen aussergewöhnlechen Zäiten leien.

Doriwwer eraus huet de Rapporteur e Bild gemoolt vun enger ganzer Rei vun Domainen, wou senger Meenung no muss ugesat ginn fir nach besser op esou Krisen ze reagéieren an déi néideg Konsequenzen ze zéien wat den Klimawandel ubelaangt.

Dat geet vun der Santé, wou et ëm d'Personal an d'Infrastrukturen geet, iwwert d'Mobilitéit, den Logement an eng nohalteg Relance vun eiser Wirtschaft.

Ech mengen iwwert dës Zieler si mer eis all eens. Wéi een dohinner kënnt, do gëtt et vill Weeër, Oofzweigungen an Optiounen. De Budget weist jo schonn eng ganz Rei vu Pisten op.

Ganz allengemeng ass et awer sou, dass des Kris viles verännert huet, an et zu deem Zäitpunkt nach ze fréi ass, fir eng kloer Vue ze hunn doriwwer, wéi d'Situatioun sech an Zukunft entwéckele wäert, souwuel op gesondheetlechem wéi och op finanziellem Plang. Alles wat mer mat Bestëmmtheit wëssen, ass, dass eis Ausgangspositioun no der Kris eng aner wäert sinn, wéi nach virun der Kris.

Dat gesot, géing ech elo zum Haaptdeel vun menger Ried kommen. Deen setzt sech Folgendermoossen zesummen:

- An engem éischten Deel wäert ech mat den Neiegkeeten um internationalen an nationalen Plang ufänken.
- Duerno kommen ech op d'Avisen zum Budget ze schwätzen, notamment den Avis vun der Zentralbank, den Avis vum Conseil d'Etat, den Avisen vun den Chambres professionnelles an den aneren Organisatiounen.

- An engem drëtten Deel, wäert ech iech d'Situatioun vun der Administration publique an vum Staatsbudget presentéieren, déi jo duerch d'Amendementen zum Budget geännert hunn.
- Mäin Exposé wäert dann mat enger Schlussfolgerung ophalen, wou ech d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg mat där vun aneren Länner vergläichen.

I. D'Neiegkeeten um internationalen an nationalen Plang

A. Déi manner gutt Noriichten

1. *Zweet Pandémieswell*

Zu den manner gudden Noriichten gëllt virun allem den Fait, dass d'Welt sech den Ament an enger zweeter Well vun der Covid-Pandémie befënnt.

Laut den Zuelen vun der Weltgesondheetsorganisatioun sinn ronn 72 Milliounen Leit weltwäit u COVID erkrankt, an 1,6 Milliounen Leit sinn dorunner gestuewen.

Nach ass den Impfstoff net do, an elo, wou di zweet Well ausgebrach ass, hun iwwerall uesichert d'Welt d'Länner erëm missten méi streng Restriktiounen aféieren fir d'Interaktiounen tëscht den Leit ze limitéieren, an d'Infektiounsketten ze brieche. Och zu Lëtzebuerg huet d'Regierung am November schwéier Decisiounen missten huelen, déi och gëschter hei an der Chamber bis an den Januar verlängert gi sinn.

Et ass een schwieregen Moment an där d'Welt sech befënnt, esou kuerz virun den Feierdeeg. Nieft der Trauer iwwert all déi Doudeg, stellt een fest, dass d'Pandémie méi op d'Gemitt vun de Leit dréckt. Donieft bremst sech den Opschwung vun der Economie.

Ënner deenen Ëmstänn ass et natierlech schwiereg präzis Previsiounen fir d'Joer 2021 ze maachen.

Den STATEC huet dowéinst an senger rezenter Note de Conjoncture, zwee Szenarien fir d'Eurozon opgestallt, déi dovunner ofhänken wéi séier en Impfstoff operationell wäert sinn an op d'Länner an Zukunft nach müssen op zousätzlech Restriktiounen zeréckgräifen.

Am Fall vun engem positiven Szenario kéint een 2021 mat enger Hausse vum PIB vu bis zu +5,5% rechnen. Am Fall vun engem negativen Szenario, kéint een awer nach vun enger Rezessioun vun -1% ausgoen.

D'Variatioun tëschent dësen zwee Szenarien ass konsequent, wat d'Onsécherheet ronderëm dës Pandémie ganz kloer reflektéiert.

2. Brexit

Eng zweet schlecht Noriicht, ass déi vum Brexit. Virun allem fir d'Vereenegt Kinnekräich, awer och fir de Rescht vun Europa.

D'Transitiounsphase leeft den 31. Dezember definitiv aus, an no 47 Joer wäert d'Vereenegt Kinniksräich d'EU verloossen. Dëst ass eng Tatsaach, déi een, mat oder ouni Accord iwwert déi zukünfteg Relatiounen tëscht dem Vereenegten Kinniksräich an der EU, nëmmen bedauern kann.

Den Austrëtt wäert sou oder esou ons Relatiounen mat dem Vereenegten Kinniksräich veränneren. Et wäert en groussen Défi ginn fir déi Relatiounen net nëmmen nei ze definéieren mee och am Alldag nei ze gestalten.

Den Brexit huet déi féierend Roll vu Lëtzebuerg an Beräicher wéi der Fongenindustrie, dem Private Banking, der Versécherung mee och dem Fintech ënnerstrach.

Bis Haut hunn sech, ouni dass mir aggressive Prospectiounspolitik gemaach hätten, eng ronn 60 Finanzacteuren hei zu Lëtzebuerg niddergelooss oder si hunn hir Geschäfte hei ausgebaut.

Déi aktuell Onsécherheet an d'Enn vun der Transitionsperiod hunn an de leschten Méint keng spektakulär Konsequenzen gehat, well déi ganz grouss Majoritéit vun Acteuren schonn laang en Choix getraff haten an hir Pläng ëmgesat hunn.

Ech sinn houvreg ze gesinn dass Lëtzebuerg, an dëser schwiereger Zäit, fir dës Acteuren eng Solutioun wor. Fir ons d'Land ass et och eng Opportunitéit, well duerch déi nei Acteuren déi Brexit-bedängt op Lëtzebuerg komm sinn, ons Finanzplaz d'Méiglechkeet kritt huet qualitativ ze wuessen.

Et ginn awer och Liichtblécker, a gutt Grënn optimistesche ze sinn.

B. Déi besser Noriichten

1. *Besser Zuelen fir d'Joer 2020*

Déi éischt gutt Noriicht op déi ech wëll agoen, sinn déi makroekonomesch Zuelen fir d'Joer 2020, déi sech par rapport zu den Previsiounen Uganks vun der Krise, verbessert hunn well d'3te Trimester besser ofgeschloss huet wéi geduecht.

Der Europäescher Kommissioun hir neisten Zuelen ginn fir 2020 vun enger Rezessioun vun -7,8% fir d'Eurozon aus.

Dës positiv Tendenz fënnt een och an den Zuele fir Lëtzebuerg erëm.

Fir d'Joer 2020 geet den STATEC am positiven Szenario vun enger Rezessioun fir Lëtzebuerg vun -3,5% aus. Den negativen Szenario weist eng Baisse vun -4,5% vum PIB un. Fir d'Joer 2021 geet den positiven Szenario vun engem Opschwung vun +4% aus. Beim negativen Szenario wäert de PIB quasi stagnéieren mat -0,5%.

Den Mëttelwäert vun dësen zwee Szenarioen ass och ganz no un den Prévisiounen, déi Europäesch Kommissioun fir Lëtzebuerg erstallt huet: -4,5% fir 2020 an +3,9% fir 2021.

Lëtzebuerg weist sech méi resilient wéi de gros vun den EU Memberstaaten.

Ech widderhuelen, dass den Basisszenario deem fir den Budget festgehalten gouf, vun enger Rezessioun fir Lëtzebuerg fir d'Joer 2020 vun -6% ausgangen ass. Et gesäit een also dass d'Previsiounen besser gi sinn an dass d'Regierung net ze optimistesche wor. Au contraire.

2. COVID Impfung

Déi zweet gutt Nouvelle, op déi ech hei wëll agoen, an déi och eng grouss Roll spillt fir d'Previsiounen, ass den Impfstoff.

Am Géigesaz zu der Situatioun während dem Dépôt vum Budget, ass d'Fuerschung méttlerweil sou wäit virukomm, dass verschidden Impfstoffer géint den COVID-19 konnten homologéiert ginn oder um Wee sinn fir homologéiert ze ginn.

En Impfstoff ass déi beschte an wierksamst Léisung fir aus dëser sanitärer Krise, an domatter och aus der Wirtschaftskris, erauszekomme.

Well anescht wéi virëscht Krisen, baséiert déi hei net op strukturelle Problemer. Soubal déi sanitär Mesuren rëm kënnen opgehuewe ginn, kann d'Wirtschaft rem dréie wéi firdrun.

An der Budgetsried am Oktober hat ech iech schonn vum logisteschen an infrastrukturellen Effort geschwat deen gemaach gouf fir d’Pandémie hei zu Lëtzebuerg ënnert Kontroll ze halen. Genau esou huet Lëtzebuerg sech vun Ufank un och dofir agesat dass um EU Niveau all Land genuch Impfstoffer kritt an prett ass fir déi och ze benotzen.

Den Premierminister an d’Gesondheetsministesch hunn et am Ufank vum Dezember annoncéiert: d’Regierung huet alles op d’Been gesat fir genuch Impfstoffer fir jiddereen hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren. Soubal en Impfstoff do ass, wäert no an no jiddereen sech kënnen impfen loossen an dëst och gratis.

3. Europäeschen Plan de relance

Eng aner gutt Nouvelle gesäit een och um europäeschen Niveau, wou d’Weichen gestallt gi sinn fir nohalteg aus der Krise ze kommen.

Schonn wéi déi zweet Well ausgebrach wor, gouf an Europa décidéiert verschidden Hëllefsmesuren déi am Mäerz en place gesat gi sinn, weiderzeféieren.

Ech hat jo schon am Oktober beim Dépôt vum Budget annoncéiert, dass den sougenannten *Temporary Framework*, also den europäeschen Kader fir déi national Hëllefspäk, bis Juni 2021 verlängert an deelweis erweidert gouf. Gläichzäiteg ass och d'Applizéieren vun der *General Escape Clause* fir 2021 verlängert ginn.

Den Conseil européen huet och am Juli en Accord fir den EU Budget fonnt fir en Montant vun 1.074 Milliarden Euro fir d'Périd 2021 bis 2027. An deem Kontext gouf och den europäeschen Plan de Relance, den sougenannten "Next Generation EU" erstallt, deem en Montant vun 750 Milliarden Euro virgesäit.

Dësen Plan de Relance ass d'Europäesch Äntwert op d'Krise an gouf d'lescht Woch vun den Regierungschefen definitiv op d'Schinnen bruecht. D'Relance wäert och qualitativ sinn, an op déi duebel Transitioun vun Energie, Klimaschutz an Digitaliséierung fokusséiert sinn.

4. *Nei Administratioun USA*

En zousätzleche Grond fir Optimismus ass déi nei amerikanesch Administratioun, déi am Januar untriede wäert. Si steet fir eng méi oppen an multilateral Approche wann et drëms geet, déi global Problemer déi et ze bewältegen gëllt, zesummen unzegoen.

Ech hunn et an menger Ried gesot den 14. Oktober, den Budgetsrapporter huet et och gesot, jiddereen deen net mat Scheiklappen duerch d'Welt geet, erkennt, dass den Klimawandel eng wann net déi gréissten Erausfuerderung vun eiser Zäit ass.

Wann elo den 20. Januar déi nei amerikanesch Administratioun an d'Amt kënnt, dann trieden dann och d'USA erëm zum Accord de Paris bäi.

Den John Kerry, deen ech vir d'éischt 1997 op der Klimakonferenz zu Kyoto begéint hunn, an deen um Accord de Paris ënnert der Obama Administratioun Hand mat ugeluecht huet, kënnt zréck an d'Regierung an gëtt domadder beoptraagt do weiderzefueren wou Amerika virun 4 Joer stoen bliwwen ass. Dat ass eng gutt Nouvelle iwwert déi mir eis freeën kënnen.

Fakt ass also, dass mir haut vill méi Grënn hunn fir optimistesche ze sinn, wéi fir pessimistesche ze sinn.

Mee Optimismus ze weisen heescht awer nach laang net dass een onrealistesche ass. Et daerf een net vergiessen dass d'Krise lang-zäit Konsequenzen wäert matsechbréngen.

Och wann durch eng nei Impfung den Virus deemnächst wäert kënnen Geschicht ginn, ass net auszeschléissen, dass dës Pandémie langzäit an strukturell Schied hannerloose wäert, virun allem bei den Stéid an den Entreprises déi finanziell am Vulnérabelsten woren.

Grad sou wéi bei der éischter Well, huet d'Regierung am Kontext vun der zweeter Well, sech prioritär dofir agesat d'Gesondheet vun den Leit sou wéi d'Gesondheet vun der Wirtschaft ze schützen. Dat gesait een och un deenen neie Mesuren, déi nach nom Dépôt vum Budget décidéiert goufen.

C. Nei COVID-Mesuren an déi deementspriechend Amendementer zum Budget

Ech hat d'Geleenheet bei menger éischter Ried zum Budget am Oktober drop anzegoen wat d'Regierung am Kontext vun der éischter Well gemaach huet. Sief dat duerch den Large Scale Testing, sief dat duerch d'Analyséieren vum Ofwaasser an den Kläranlagen oder och nach duerch déi Testzentren déi ageriicht gi sinn fir Leit mat enger Ordonnance.

Et kann een, wann een elo allgemeng kuckt wéi d'Regierungen virgaangen sinn an virginn fir déi Pandémie esou gutt et geet an Grenzen ze haalen, viles hannerfroen.

Et get keen Muster X nodeems een fueren kann fir d'Ekonomie ze ënnerstëtzen, den Gesondheetsystem net ze iwerlaaschten oder e Minimum un Gesellschaftsliewen zouzeloossen. Et muss een sech eruntaaschten an probéieren op Basis vun esouvill wéi méiglech Fakten, trotz dem Neiland an deem een séch bewegt, déi beschtt méiglech Décisiounen ze huelen.

Lëtzebuerg konnt bis elo contrairement zu eisen Nopeschlänner manner drastesch Moossnahmen huelen fir d'Infektiounszuelen erofzekeréien an ze stabiliséieren.

D'Restauranten, d'Bistroten, d'Theateren, d'Kinoen an Fitnessstudioen hun missen méi spéit zoumaachen. D'Schoulen hunn net missen hier Dieren zoumaachen. Mir wëssen alleguerten wéi wichteg et ass d'Schoulen opzehaalen. Net nëmmen well d'Schüler manner verpassen mee well se einfach weider e sozialen Kontakt kënnen hunn.

Ech wëll och op dëser Plaz all den Acteuren, déi dofir Suergen dass mir en Deel vun Normalitéit bäibehaalen kënnen, am Numm vun der Regierung Merci soen.

An ech wëll besonneg dem Gesondheets a-Pflegepersonal am Numm vun der Regierung ee groussen Merci soen fir hieren onermiddlechen Asaatz fir d'Wuel vun eis all.

Et wor der Regierung och bewosst dass dës nei Restriktiounen erëm zu schwieregen Situatiounen fir d'Betriber féieren géingen, virun allem fir déi Betriber déi schonn duerch déi éischt Well geschwächt woren.

Aus deem Grond huet d'Regierung och direkt nei Mesuren geholl, respektiv Mesuren verlängert, fir d'Wirtschaft ze ënnerstëtzen.

Dës nei Mesuren hunn och erëm en finanziellen Impakt op den Budget, en Impakt deem esou nach net am Budgetsprojekt reflektéiert wor deem ech am Oktober déposiert hunn.

Fir d'Pertinenz vum Budget ze garantéieren, huet d'Regierung dowéinst Enn November Amendementer eragereecht déi den finanziellen Impakt vun deenen Mesuren am Budget reflektéieren.

1. Verlängert Mesuren fir den Fonds de relance

Déi éischt Mesuren bezéien sech op d'Verlängerung an d'Erweiterung vum „Neistart Lëtzebuerg“ wou den Minister fir Mëttelstand jo an deem Kontext zwee Gesetzesprojeten hei an der Chamber déposiert huet, déi dës Woch gestëmmt ginn.

Dës huet d'Chambre de Commerce besonnesch begéisst.

Fir déi Firmaen déi am meeschten vun der Krise matgeholl gi sinn, an vum 1ten November 2020 bis den 30 Mäerz 2021 eng Perte op hirem Chiffre d’Affaires vun op mannst 40% kannt hunn, wäert de Staat pro Mount eng Subvention en Capital ausbezuelen, déi op Basis vun den fixen ongedeckten Käschten vun der Firma gerechent gëtt.

Gläichzäiteg gouf och nach eng nei Measure de Relance geschaf, fir d’Périod Dezember 2020 bis Mäerz 2021, déi och d’Forme vun enger Subvention en capital wäert hunn, an déi Firmaen betrefft déi eng Perte vun 25% vun hirem Chiffre d’Affaires erlieft hunn. Dës Aide gëtt par rapport zu der Unzuel vun den Salariéen an Indépendanten gerechent, déi an der Entreprise schaffen.

Nieft den Secteuren vum Tourismus, dem Evenementiel, der Kultur an och dem Divertissement kann och den Commerce de Détail an d’Gestionnaires vun der Berufsausbildung an den Bénéfice vun dëser neier Measure kommen.

D’zousätzlech Dépenses vun dësen Hëllef, déi sech bis zu 180 Milliounen Euro belafen (60 Milliounen op 2020 an 120 Milliounen op 2021), ginn vum „Fonds de relance et de la solidarité pour les entreprises“ ausbezuelet.

Den Budget gouf dowéinst amendéiert fir eng zousätzlech Dotatioun vun 30 Milliounen Euro fir dee Fong virzegesinn, déi een natierlech muss zesummen kucken mat der Alimentatioun vun 200 Milliounen Euro déi jo schonn fir 2020 festgehalen wor.

2. *Verlängerung vun den Régimes d'aides*

D'Europäesch Kommissioun huet jo duerch d'Amendementen zum *Temporary Framework*, d'Méiglechkeet gebueden eng grouss Partie vun den Mesuren bis den 30. Juni 2021 weiderzeféieren.

D'Regierung huet vun dëser Geleeënheet profitéiert an huet en Gesetzesprojet déposiert deen verschidden Régimer verlängert.

Sou wäert den "Régime d'aides", fir Projeten ze ënnerstëtzen déi zu der Bekämpfung vum Virus bäidroen, verlängert ginn. Dofir sinn fir 2021, ronn 20 Milliounen Euro méi virgesinn.

Gläichzäiteg goufen och d'Aiden fir d'Investissementen an der Krise ze stimuléieren verlängert.

Dës Hëllefën sollen d'Entreprise, incitéieren Investissementen ze realiséieren, déi duerch d'Krise annulléiert respektiv reportéiert gi wieren. Fir dës Aiden belafen sech d'Dépenses op 30 Milliounen Euro. Deementspreechend gouf den Budget fir 2021 adaptéiert.

3. *Verlängerung vum Régime de garantie*

Den Régime de garantie gouf och verlängert. Mam Gesetzesprojet, deem jo och dës Woch wäert gestëmmt ginn, wäert de Staat kënnen Prêten déi tëschent dem 18. Mäerz 2020 an dem 30. Juni 2021 accordéiert goufen weiderhin zu den selwechten Konditiounen wéi an der éischter Editioun garantéieren.

4. *D'Weiderféieren vum Chômage partiel*

Niewent dem Weiderféieren vun den verschidden Régime d'aides gouf och den Régime vum Chômage partiel bis Enn vum éischten Semester 2021 verlängert.

Dës Measure ass déi haapt Measure déi d'Erhalen vum Emploi hei zu Lëtzebuerg während dem Lockdown an och duerno erméiglecht huet.

Bis Enn Abrëll haten méi wéi 13.000 Entreprises dës Hëllef ugefrot, fir méi wéi 150.000 Salariéen. Am November goufen ronn 4.200 Demanden agereecht, déi ongeféier 30.000 Salariéen concernéieren.

Wann een theoretesch dovunner ausgeet dass ouni dës Aide all déi concernéiert Salariéen hier Aarbecht verluer hätten, dann hätt sech, laut der rezenter Note de Conjoncture vum STATEC, den Chômage zu Lëtzebuerg verduebelt.

5. *Nei Mesuren fir d’Kultur*

Den Virus huet och weiderhin en groussen Impakt op déi kulturell Evenementer. Aus deem Grond, sinn do och d’Aiden verlängert ginn, déi d’Artisten an déi sogenannten Intermittents du spectacle am Kontext vun engem onverhofften Evenement – also hei d’Pandémie – ausbezueelt kréien.

6. *D’Erhéigung vum Mindestloun*

Eng aner Measure ass gebonnen un d’Décisioun vun der Regierung den Mindestloun vum 1ten Januar 2021 um 2,8% ze erhéijen, sou wéi dat regelméisseg all zwee Joer geschitt, an hei op Basis vun der Evolutioun vun den Salairen am Joer 2018 an 2019.

Et wäert och dës Woch en Gesetzesprojet gestëmmt ginn, deem virgesäit dass de Staat den Firmaen déi am meeschten vun der Krise betraff sinn, an eng zousätzlech Charge duerch d’Erhéijung vum Mindestloun nëmmen schwéier kënnen packen, eng Subvention en capital unique vun 500 Euro pro Salarié verséiert. Vun dëser Aide sinn den HORECA, den Commerce de Détail, den Evènementiel an d’Formation professionnelle continue concernéiert, also ronn 40.000 Salariéen.

Den Käschtepunkt vun dëser Measure, deem och an den Amendementer zum Budget festgehalten ginn ass, beleeft sech op 20 Milliounen Euro.

7. Den Kaf vum Impfstoff géint de COVID

Ech hunn et vir drun schonn erwähnt: d'COVID-Impfung wäert hei zu Lëtzebuerg fir d'Leit gratis sinn. Mee "gratis fir d'Leit" heescht noutwennegerweis zousätzlech Käschtchen fir de Staat.

An den Amendementer déi fir den Budget agereecht goufen, sinn dofir och d'Dépenses fir de Kaf vum Impfstoff géint den COVID-Virus virgesinn. Den Budget vum Gesondheitsministère gouf dowéinst fir d'Joer 2021 ëm 16,5 Milliounen Euro erhéicht mee et ass awer och festgehalen ginn dass déi éischt Käschtchen a Punkto Impfstoff nach iwwert den Budget 2020 - unhand vun Dépassementer - wäerten bezuelt ginn.

D'Land ass also gutt opgestallt.

8. D'Efficacitéit vun den Spideeler stäerken

D'Pandémie erfuerdert eng grouss logistesche Zesummenaarbecht, virun allem bei den Domainen vun der Santé an der Sécurité civile.

Den CGDIS garantéiert, dass d'Prise en charge vun de Covid-Patienten, esou efficace wéi méiglech an an raisonnablen Délaien geschitt.

Eng nei Strategie gouf an deem Kontext den 20ten November vun der Regierung guttgeheescht. Den CGDIS wäert also mat zousätzlechen Ressourcen verstärkt ginn, an d'Amendementer zum Budget droen deem natierlech och Rechnung (+560.000 Euro fir 2021).

9. D'Prise en Charge vun de Käschten vun der CNS

Verschiede Mesuren am Kontext vun der Krise, goufen an enger éischer Phase iwwert d'Reserven vun der Gesondheetskeess ausbezuelte.

Am Kader vun der Quadripartite am Juni hat sech den Staat engagéiert dës Dépenses fir d'CNS ze analyséieren an, mam Objektiv den Sozialsystem ze entlaaschten, en Deel ze iwwerhuelen.

Ufank Dezember gouf dann en Gesetzesprojet gestëmmt, deem virgesäit dass de Staat d'Käschten vum "Congé pour raisons familiales", "d'Indemnités pécuniaires de maladie" an den "Congé pour soutien familial" iwwerhëlt.

Dës Prise en charge beleeft sech op 386 Milliounen Euro, an wäert an 4 Tranchen während der Period 2020 bis 2023 der CNS ausbezuelte ginn.

Wichtig ass hei ze bemierken, dass vun enger Optik Comptabilitéitsgesetz, de Gesamtmontant sech op déi 4 Joer wäert verdeelen. An enger Optik SEC2010 (also d'Europäesch Normen) wäert sech awer den Gesamtmontant vun 386 Milliounen Euro direkt op d'Joer 2020 - also d'Joer an deem se engagéiert gi sinn – op de Solde vun der Administration centrale repercutéieren.

10. Amendementer zu der CO₂-Steier

Eng lescht Ännerung am Budget 2021 betrëfft och d'CO₂-Steier. Do gouf eng Simplification administrative fir d'Betriber agefouert, fir eng onnéideg finanziell Duebelbelaaschtung ze vermeiden.

Nodeems ech elo op déi grouss Neiegkeeten um internationalen an nationalen Plang agaangen sinn, kommen ech elo op dat 2t grousst Kapitel vun menger Ried: d'Avisen zum Budget.

II. Avisen zum Budget

Ech hunn mir, wéi all Joers, déi verschidden Avisen zum Budget mat ganz vill Interessi ugelies. Ech sinn och ëmmer nees dem Conseil d'Etat, der Zentralbank, den Chambres professionnelles, dem Conseil National des Finances Publiques (CNFP), an deenen aneren Organisatiounen dankbar fir hier Méi an fir hier zousätzlech Ideeën déi si am Kader vun hier Avisen matdeelen.

Vun all den Aspekter déi ech an den Avisen gelies hunn, wëll ech am Kontext vun dëser Ried virun allem op 4 Punkten agoen:

- 1) d'Prévisiounen, 2) d'Investissementen, 3) d'Steiermesuren an
- 4) d'Gesondheet vun den Staatsfinanzen.

A. Ze optimistesche Prévisiounen

Zu den Prévisiounen am Budget, liesen ech souwuel beim Conseil d'Etat wéi beim Conseil National des Finances Publiques (CNFP) dass d'Regierung zevill optimistesche wor. Den CNFP seet dass den Basisszenario ze optimistesche ass. Den Conseil d'Etat seet dass an der aktueller Situatioun, et seguer besser wier den Budget op den negativen Szenario ze stäipen.

Wat 2020 ugeet, sou hunn ech iech jo virdrun duergeluecht, dass déi Bedenken net berechtigt waren. Mir sinn elo Dezember, an souwuel de STATEC, wéi och d'Kommissioun, d'OCDE an den FMI soen, dass de PIB sech dëst Joer wäert besser entwéckelen wéi virgesinn.

Wat 2021 ugeet, sou hunn ech iech virdrun gewisen, dass et gutt Grënn gëtt vir virsiichteg ze sinn, awer nach vill méi Grënn, fir optimistesche an d'Zukunft ze kucken.

Deen negativen Szenario, vun deem de Conseil d'Etat an de CNFP schwätzen, ass fir 2020 net agetratt, a wäert wuel och net méi fir 2021 antrieden.

Nach all Joers wor eng recurrent Kritik zum Budget, dass d'Regierung hir Previsiounen zevill optimistesche ugesat hätt. Ech wëll dofir nach emol ënnersträichen, dass et souwisou net der Regierung hir Previsiounen sinn, mä ëmmer déi vum STATEC, als onofhängeg Institutioun, sou wei dat vun der EU gefuerdert ass.

Wann ech dann d'Prévisiounen huelen, op déi mer eis bei den läschte Budgeten baséiert hunn, dann ass d'Tendenz kloer :

- Den Basisszenario fir de Budget fir d'Joer 2018 ass vun engem Wuesstem vun 2,7% ausgegangen. Déi effektiv Croissance fir 2018 lounge bei 3,1%.

- Den Basisszenario fir de Budget fir d'Joer 2019 ass vun engem Wuesstem vun 3% ausgegangen. Déi effektiv Croissance fir 2019 lounge bei 2,3%.
- De Basisszenario vun dësem Budget geet fir d'Joer 2020 vun enger Rezessioun vun -6% aus. Ech hunn iech virdrun erkläert, dass den STATEC haut schonn a sengem Basisszenario dovunner ausgeet dass d'Rezessioun nëmmen nach -3,5% wäert sinn.

Dës Zuelen weisen also, dass d'Previsiounen mol zevill pessimistesche, mol liicht optimistesche waren.

Dat läit och un der Natur vun de Previsiounen déi fir de Budget benotzt ginn. Et ass eben keng "science exacte". Mee wat een mat Sécherheet kann feststellen ass, dass an den leschten Joren d'Prévisiounen alles anescht wéi ze optimistesche ugesat waren.

D'Joer 2021 wäert an deem Kontext keng Ausnahm sinn.

B. Héich Investissementer

En zweeten Punkt, deem an allen Avisen ugeschwat gëtt, an op deem ech wëll agoen, sinn d'Investissementer.

2020 hunn d'Investissementer eng extraordinär Hausse kannt.

Duerch déi vill Mesuren déi de Staat am Kontext vun der Kris en Place gesat huet, investéiert de Staat am Joer 2020 bal 3,5 Milliarden, wat 52% méi ass wéi 2019, an 5,9% vum PIB entsprécht.

Ouni déi Mesuren déi an der Suite vun der Kris décidéiert gi sinn, bleift ënnert dem Stréch ëmmer nach ee Montant vun 2,7 Milliarden Euro, also eng Hausse vun +18% par rapport zu 2019.

2021 get dës Trajectoire weidergefouert. Do sinn Investissementer vun 2,9 Milliarden virgesinn, wat ronn 4,5% vum PIB entsprécht. D'Investissementer leien nach iwwert dem Niveau vun 2020, wann een déi extraordinär Aspekter erausrechent.

D'Zuelen schwätzen och fir sech, wann een se mat den aneren Länner vergläicht. An Däitschland entsprécht den Investissement 2021 ronn 2,8% vum PIB. An Frankräich läit en bei 3,9% an an der Belsch bei 2,7%. Den Taux fir d'Eurozon läit bei 3,1% an fir d'ganz Europäesch Unioun bei 3,4%. Eist Land läit also wäit iwwert dem europäeschen Duerchschnitt.

Virun der Kris, an der Period 2015-2019 louchen d'Investissementer zu Lëtzebuerg an der Moyenne bei 3,7% vum PIB. Obwuel deen Taux schonn deemools héich war, an den Choix einfach gewiescht wier hei ze spueren, huet d'Regierung décidéiert grad elo nach eng Schëpp bäizeleeën, fir d'Relance 2021 zousätzlech ze ënnerstëtzen.

D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des salariés an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics hunn ouni Ausnam der Regierung hier Investitiounspolitik am Kontext vun der Krise an am Sënn vun der Relance guttgeheesch.

Ech sinn frou ze gesinn, dass op deem Punkt jiddereen sech eens ass.

Ech hunn et schonn an menger Ried am Oktober gesot: et ass net trotz, mee eben grad wéinst der Kris dass d'Regierung décidéiert huet d'Investissementer op engem héijen Niveau ze halen.

Et wär falsch an engem Moment, wou d'Leit an d'Betriber sech existenziell Froen stellen, Dépenses erofzeschrauwen, just fir een équilibréierte Budget ze hunn.

Et gëllt hei net, déi selwecht Feeler ze maachen, déi an der Krise vun 2008 gemaach goufen. D'Krise vun 2008 an hir Konsequenzen an den Joren duerno, weisen ganz kloer, dass Austeritéit an dëser Situatioun net dat richtegt Rezept ass. Dat soen eis d'EU Kommissioun, dat soen eis d'OCDE an den FMI, an de STATEC huet dat och an senger Note de Conjoncture bestätegt.

Fir mäin Punkt iwwert d'Investissementer ze schléissen, wëll ech nach d'Madame Christine Lagarde, Présidente vun der Europäescher Zentralbank, zitieren:

“Public investment can positively affect economic growth in the current circumstances. In an environment of accommodative monetary policy, public investments have the strongest short-term demand effects, including in terms of cross-country spillovers. Moreover, in times of elevated uncertainty, public investment raises confidence and thus tends to have a higher fiscal multiplier. By raising confidence, a push in public investment is also likely to foster investment from private stakeholders.”

Ech hunn deem näischt méi zouzefügen.

C. D'Steiermesuren

En drëtten Punkt op deem ech hei an dësem Deel nach wëll agoen betrëfft d'Steiermesuren.

Am Oktober hunn ech Iech Steiermesuren virgestallt déi am Sënn vun der Solidaritéit sinn, déi hëllefen sollen d'Logementsproblematik unzegoen an déi am Sënn vun der Nohaltegkeet an der Kompetitivitéit sinn.

Ech wëilt hei op déi verschidden Punkten agoen an wat d'Avisen dozou gesot hunn.

Zu der Solidaritéit also.

1. Solidaritéit

Régime vun den FISen

Ech sinn dofir frou, dass d'Chambre des salariés, d'Chambre des Métiers an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics (CHFEP) d'Ofschaffen vun dësem Abus begréissen, ee Régime deen ongerecht war an deen an där Form net konnt bestoen bleiwen. Duerfir huet d'Regierung schonn 2018 an dem Accord de coalition festgehalten, dass dee Régime misst reforméiert ginn.

Während d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den Besteuerungstaux vun 20 % um Montant brut (ouni d'Méiglechkeet eventuell Charges ofzerechnen) als ze favorabel bezechent, par rapport zu den Besteuerungstauxen vun den Privatpersounen, kritiséiert d'Chambre de Commerce d'Mesure au contraire als ze "dissuasiv". D'Chambre des Salariés op hirer Säit huet konkret Beispiller duerch gerechent an kënn zu der Conclusioun, dass den Taux vun 20 % en ligne ass mat der Moyenne vum Besteuerungstaux deen Privatpersounen op hiren Revenus locatifs bezuelen. Wann ech déi 3 Avisen zesumme kucken, leie mer also an der gëllener Mëtt.

Ech géing dann zu den Mesuren kommen déi proposéiert gi sinn fir ze hëllefen d'Logementsproblematik unzegoen.

2. Logement

Fir d'éischt zum Taux d'amortissement d'accélééré.

Taux d'amortissement accéléré

D'Chambre des salariés ënnersträicht, dass déi néi Measure, *also d'Réduction vum Taux d'amortissement vun 6% op 5% wann d'Valeur vun den Gebaier net iwwert 1 Millioun Euro ass, mat engem Zäitraum vun 5 anstatt 6 Joer*, an déi richteg Richtung geet, mee an hiren Aen net wäit genuch geet an net ambitiéis genuch ass.

D'Chambre des Métiers zweifelt och un der Efficacitéit vun dëser Measure fir Tensiounen beim Logement ze reduzéieren.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass der Meenung, déi Measure géif net wäit genug goen.

Ech mengen, mir kënnen eis dann drop eenegen, dass se op alle Fall mol an déi richteg Richtung geet. Et ass einfach, ze soen, et geet net wäit genuch. Mä et geschitt elo awer mol eppes op deem Gebitt !

D'Steiermesuren eleng kënnen natierlech net déi ganz Problematik vum Logement léisen, déi jo haaptsächlech vum Manktem un Offer gedriwwen gëtt, an wou d'Regierung och ganz aktiv dru schafft fir Léisungen ze fannen.

Ech géing dann zu der energetescher Renovatioun an der TVA fir d'Rénovatiounen kommen.

Energetesch Renovatioun an TVA fir Renovatiounen

D'Chambre des Métiers begréisst des Ännerungen. Ech deelen absolut der Chambre des Métiers hier Analyse, dass et duerch den néien Taux d'amortissement vun 6% fir Renovatiounen, déi d'Energieeffizienz vun deem Gebai verbessern, et zu enger Win-Win Situatioun op 3 Niveauen kennt, nämlech:

- Den Locataire wäert manner Energiekäschten hunn;
- Den Propriétaire profitéiert vun enger Wäertsteigerung vun sengem Bien immobilier; an
- D'Artisanat (notamment entreprises de construction) wäert duerfir och dervun kennen profitéieren duerch méi Opträg.

D'Chambre des Métiers stellt och fest, dass d'Regierung enger vun hiren Revendicatiounen nokënnt, nämlech, dass Gebaier déi 10 Joer al sinn (amplaz virdrun 20 Joer) schonn vum Taux super-réduit vun 3% TVA fir Renovatiounsaarbechten profitéieren kënnen.

3. Nohaltegkeet

Taxe CO2

Wat déi néi CO2 Stéier ugeet, sou goufen et Kritiken well à ce stade net kloer ass op dës Mesure ënnert dem Stréch een positiven oder negativen Impakt op den Staatsbudget wäert hunn. Wéi ech schonns bei der Virstellung vum Budget gesot hunn, geet et hei net dorëms eng nei Recette ze schafen.

Et ass allerdéngs wouer, dass den zukënftegen budgetären Impakt vun der CO2 Stéier schwéier anzeschätzen ass.

Den präzisen Impakt hänkt vun enger ganzer Rëtsch vun Facteuren of, wéi z.B. der allgemenger ekonomescher Entwécklung oder der Präisentwécklung vum Benzin/Diesel an eisen Noopeschlänner.

Souwuel den STATEC wéi d'Zentralbank hunn dozou Analysen presentéiert: béid Institutionen kommen zur Conclusioun, dass den budgetären Gesamteffekt vun der CO₂-Stéier spéitstens ab 2022 negativ wäert ginn.

Eng aner Kritik déi ech am Kontext vun der CO2-Steier gelies hunn, kënnt vun der Chambre des salariés, déi seet, dass dës nei Stéier net aus der *Echelle mobile des salaires* neutraliséiert soll ginn.

Wann mir dës Erhéijung mat an den Index-Wuerenkuef geholl hätten, dann wier et zu Kompensatiounen fir jiddereen komm.

Dat wor net dat gewënschten Zil.

Mir hunn dofir zäitgläich eng sozialgerecht Kompensatiounsmesure agefouert an den Crédit d'impôt ëm 96 Euro erhéicht. Domatter gött sécher gestallt, dass bei déiwen Revenuen, d'CO₂-Stéier net zu enger Réductioun vum Pouvoir d'achat féiert.

Den STATEC huet och an enger Etude bestätegt, dass duerch déi sozial Kompensatiounsmesuren den Impakt vun der CO₂-Steier op déi akommesschwaach Ménagen quasi ofgefiedert géing ginn.

Nohalteg Taxe d'abonnement

Ech begréissen och d'Kommentaren vun der Chambre de Commerce an der Chambre des salariés zu der geplangter Ännerung um Niveau vun der Taxe d'abonnement, fir nohalteg Investissementer, déi am Aklang zu der europäescher Taxonomie stinn, ze reduzéieren.

Ech deelen der Chambre des fonctionnaires et Employés publics hiren Kommentar zu enger taxe d'abonnement spéciale "greenwashing" net. Nëmmen Investissementer, déi déi europäesch Taxonomie anhalen, kennen dovunner profitéieren.

Déi Taxonomie ass iwwert Joeren ausgeschafft ginn an baséiert op kloeren Kriterien. An aneren Wieder, déi europäesch Taxonomie ass déi europäesch Norm fir all Greenwashing ze évitéieren.

Fir den effet incitatif vun dëser Measure ze garantéieren, an och all Risiko vun "Greenwashing" ze évitéieren, wäerten mir an den nächsten Joeren eng Evaluatioun maachen vun den Seuil'en ab deenen déi reduzéierten Taux'en gëllen.

D'Regierung huet och ewéi ugeschwat Mesuren proposéiert déi am Sënn vun der Kompetitivitéit sinn an ech géing deen Deel iwwert d'Steiermesuren och domadder ofschléissen.

4. Kompetitivitéit

Do ass notamment d'Fro vum Régime vun den Stockoptions.

Stock options

Ech begréissen et, dass d'Chambre des Salarités an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics d'Ofschaffen vum Régime vun den Stock options begréissen, ee Régime deen Haut net méi zäitgeméiss war an deen an där Form net konnt bestoen bleiwen.

Régime Impatriés

D'Chambre de Commerce begréisst den néien gesetzlechen Kader vum Régime Impatriés als innovativ. Ech notéieren, dass si sech léiwer un de Critèren vun der Carte bleue européenne inspiréiert hätten, fir dass nach méi Leit dovunner profitéiere kéinnten.

Meng Servicer wäerten dofir genee de Suivi maachen, wéi oft déi Mesure déi nächst Joeren wäert ugefrot ginn.

Ech well ënnersträichen, dass et fir d'Regierung eng absolut Noutwennegkeet ass weider Talenter op Lëtzebuerg unzéien fir weiderhin kompetitiv bleiwen ze kennen.

Dat bréngt mech zu der nächster Mesure, der Prime participative, enger Mesure déi am Koalitiounsaccord virgesinn war.

Prime participative

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers begréissen d'Aféierung vun där néier Mesure, och wann si der Meenung ass, dass d'Portée an hiren Aen limitéiert wär. D'Chambre de Commerce fäert, dass d'Konditioun Bénéfice ze maachen, ganz vill Betriber géif ausschléissen.

Mee ass et dann net esou, dass d'Objektiv vun all Firma *in fine* dat ass, en Bénéfice ze generéieren?

Wann eng Firma Bénéficen mëscht, kënnen mer dat ënnerstëtzen, dass den Patron sengen Mataarbechter eng Prime ausbezuelet. Mee bei enger Firma déi Perten mëscht, wëllen mir net nach Ureizer schafen fir Primen auszebezuelen.

Dës Konditioun vun der Prime Participative ass och eng wichteg Differenz par rapport zu den Stock options wou et dës Konditioun net gouf.

D. D'Gesondheet vun den Staatsfinanzen

En véierten an leschten Punkt op deem ech wëll agoen, ass d'Gesondheet vun den Staatsfinanzen.

Ech liesen zum Beispill aus dem Avis vun der Zentralbank dass et néideg ass den Défizit vun der Administration centrale erofzeschrauwen, fir esou d'Gesondheet vun den Staatsfinanzen ze garantéieren an fir an besser Konditiounen kënnen déi zukünftég Défien, déi sech dem Land stellen, unzegoen.

Ech liesen och aus den Avisen vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, dass den Staat hätt missten iwwert déi läscht Joeren méi Reserven uleen fir besser op esou Krisen ewéi dës virbereed sinn. Dat ass eng Remarque déi een och regelméisseg vun der gréisster Oppositionspartei héiert.

Ech wéilt an deem Kontext e puer Erklärungen ginn.

Contrairement zu deem wat heiansdo gesoot get, huet d'Regierung Bettel I keen Apel fir den Duuscht virfonnt wéi se ugetrueden ass. D'Ausleefer vun der Finanz a-Wirtschaftskris waren nach ëmmer ze spieren. Am Januar 2012 huet Standard and Poor's domatter gedréit, Lëtzebuerg den AAA ofzehuelen, an den *Outlook* op negativ gesat.

An et ass eng Taatsaach, dass Lëtzebuerg am Joer 2013 direkt dräi mol op d'Marcheë gaangen ass fir Emprunten opzehuelen. Vu Reserven konnt also keng Riets sinn.

Wéi dës Regierung 2013 ugetrueden ass, woor eng grouss Prioritéit d'Staatsfinanzen ze sanéieren.

2013 huet d'Administration centrale nämlech en Défizit vun -585 Milliounen ausgewisen, oder -1,3% vum PIB.

Eng "Reserve" wor dat also net.

Gläichzäiteg wor der Regierung vun Ufanks un och bewosst, dass vun 2015 uns d'TVA um Commerce électronique ewegfaalen géing. 2014 lounen dës Recetten bei iwwert 1 Milliard. Am Ganzen hu sech vun 2003 uns, bis Enn vun der période transitoire 2019, d'Recetten op 6,5 Milliarden belaaft. Haut sinn dës Recetten bei Null.

Ennert esou Konditiounen ass et net evident d'Situatioun vun der Administration centrale vun engem Dag op deem anneren riit ze bëien, ausser, et wëllt een ophalen ze investéieren.

Mir hun dat dofir **progressiv** gemaach. 2015 huet sech den Defizit par rapport zu 2013 schon ëm d'Halschecht verbessert an lounen nëmmen nach bei -245 Milliounen, trotz dem Ewegfaalen vun der TVA op den Commerce électronique.

2018 huet d'Administration centrale souguer en Iwwerschoss vun +528 Milliounen Euro ugewisen, an 2019 konnt se mat engem Plus vun 60 Milliounen Euro oofschléissen.

D'Administration publique ass vun engem Solde vun 292 Milliounen 2013 op en Solde vun 1,54 Milliarden 2019 komm.

Zousätzlech dozou, huet d'Regierung och den Fonds souverain intergénérationnel agefouert, eng Spuerkëscht fir eis Kanner an Enkelen.

Bis elo belafen sech d'Avoiren vun deem Fong op bal 400 Milliounen Euro. An och déi nächst Joren wäerten all Joer emmer iwwer 50 Milliounen weider dran ugespuert ginn.

Den Stand um Niveau vum Fonds de compensation deen ënner anerem aus den Excédents vun der Sécurité sociale gespeist gëtt, steet bei ronn 23 Milliarden Euro.

D'Trésorerie vum Staat ass mat 3 Milliarden Euro an der Kees an d'Joer 2020 gaang, an huet haut ee Kontostand vun iwwer 2 Milliarden. Vun eidele Keesen kann also keng riets sinn.

D'Zentralbank huet awer mëttelfristeg recht : mëttelfristeg muss den Defizit erem erofgefuer ginn, fir dass mer prett sinn fir déi nächste Krise. Mä fir d'éischt solle mer mol aus deser Krise erauskommen.

Des Regierung huet et no 2013 progressiv fäerdeg bruecht, den Defizit ofzebauen, a si wäert dat och no dëser Kris erem maachen. Awer alles zu senger Zäit.

Loosst mech och heizou d'Meenung vun der Europäescher Kommissioun zitieren, an dat par ordre chronologique inverse:

- Den Avis vun der Europäescher Kommissioun zum Plan budgétaire fir Lëtzebuerg fir den Exercice 2021 seet:

“The Commission is of the opinion that the Draft Budgetary Plan of Luxembourg is overall in line with the recommendation adopted by the Council on 20 July 2020. Most of the measures set out in the Draft Budgetary Plan of Luxembourg are supporting economic activity against the background of considerable uncertainty.”

- Fir den Plan budgétaire fir den Exercice 2020 soot d’Europäesch Kommissioun:

“In 2020, the fiscal stance is expected to be expansionary, based on the structural balance estimates, according to both the Draft Budgetary Plan and the Commission 2019 autumn forecast. Since 2019 several flagship measures have been implemented, in particular the net increase in the minimum social wage by EUR 100 per month since the start of 2019 and a significant increase in investments in areas such as housing, education, research, digitalisation, transportation infrastructure, sustainable energy, culture and social structures.”

- An fir den Plan budgétaire fir den Exercice 2019 kruten mir folgend Zensur:

„Over recent years, the national authorities have pursued sound public finances while still increasing public investment, from a level of 3.5% of GDP in 2013 to 4.1% in 2017.”

Mir hunn och ëmmer vun Europäescher Kommissioun bescheinegt krut, dass Lëtzebuerg ëmmer en ligne mat dem Pacte de stabilité wor.

Am Kloertext: D’Ausgangspositioun fir dës Krise unzegoen war also gutt fir onst Land. D’Regierung krut vun den europäeschen an internationalen Institutiounen nach ëmmer, mee besonneg elo, bestätegt dass a Punkto Gestiouen vun den Staatsfinanzen ëmmer déi richteg Approche gewielt gouf. Et ass net deen richtegen Moment fir ze spueren an fir d’Leit an d’Entreprise am Stach ze loossen. D’Regierung wäert aus deem Grond konsequent seng Investissementspolitik op héigen Niveau halen, an am Sënn vun der Solidaritéit an enger nohalteger Relance handelen.

Ech kommen elo op den leschten Deel vun menger Ried: d’Zuelen vum Budget 2021.

III. D'Zuelen vum Budget 2021

Ech sinn virdrun an menger Ried op d'Mesuren agaangen déi d'Regierung nom Dépôt ëmgesat huet fir d'Krise ze bekämpfen. An deem Kontext goufen och Amendementer zum Budget eragereecht, déi erlaabt hunn sämtlech Dépenses nach ze berücksichtegen.

Dës zousätzlech Dépenses hunn natierlech och hier Répercussionen op d'Zuelen vum Budget fir d'Joer 2021, also och op d'Solden.


Ech wäert dofir elo kuerz op d'Changementer bei den Solden agoen.

A. SEC 2010: Administration publique

Wéi verännert sech den Solde vun der Administration publique fir d'Joer 2021 ?

D'Ännerungen gesäit een haaptsächlech bei der Administration centrale, wou par rapport zu deem wat am Oktober déposéiert gouf, den Defizit ëm ronn 191 Milliounen Euro wäert eropgoen. Zu deenen Dépenses gehéieren d'Käschten fir den Impfstoff (+16,5 Milliounen), déi zousätzlech Aiden fir d'Entreprises (+45 Milliounen), an d'Dépenses vum Fonds de relance (+120 Milliounen) an vum Fonds de l'innovation (+10 Milliounen).

Virausichtlech wäert den Solde vun der Administration centrale also 2021 op -2,7 Milliarden Euro kommen anstatt -2,5 Milliarden Euro, wat -4,2% vum PIB entsprécht (anstatt -3,9% wéi beim Dépôt vum Budget).



Deementspriechend waert dann och den Solde vun der Administration publique ëm 191 Milliounen erofgoen, an bei -1,9 Milliarden leien anstatt -1,7 Milliarden. Dëst entsprécht -3% vum PIB (anstatt -2,7% wéi beim Dépôt vum Budget).

B. Comptabilit  tsgesetz: Staatsbudget

Wann een elo d  i m  i traditionnell Method kuckt fir d'Erstellen vum Staatsbudget - also d  i laut dem Comptabilit  tsgesetz – dann ges  it een dass par rapport zu deem wat d  pos  iert gouf, d'Gesamtd  pensen   m 102 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen sinn.

D'Differenz vu ronn 90 Milliounen Euro par rapport zu den Zuelen laut SEC 2010 ass dodurch ze erkl  eren, dass d'L  tzebuerger Comptabilit  it just d'Dotatiounen kuckt an d  i europ  esch Normen d  i engag  iert D  pensen betruecht.

Anstatt D  pensen vun 19,2 Milliarden Euro fir d'Joer 2021, w  erten also ronn 19,3 Milliarden Euro virgesi sinn. Dat sinn ronn +3,1% m  i D  pensen w  ei am vot  ierten Budget 2020.

Den D  fizit vum Staatsbudget w  ert dann deementspriechend   m 102 Milliounen Euro m  i h  ich sin, an bei -2,46 Milliarden Euro leien anstatt -2,36 Milliarden Euro.

Ech kommen elo zu der Schlussfolgerung vu menger Ried.

Schlussfolgerung

Här Präsident,

Dir Dammen an Hären,

Léif Kolleegen,

D'Kris trefft déi ganz Welt. De Virus breet sech an alle Länner aus. Déi Diskussiounen, wéi mer se vun heiheem kennen, iwwer déi richteg Mesuren, déi richteg Regeln, Schoul, Geschäfte oder Restaurants, déi sollen op oder zou sinn, ginn an alle Länner gefouert. An all Länner hu Mesure geholl, fir de wirtschaftlechen an deelweis och den sozialen Impakt ofzefiedereen.

Da kann een dach net sou maachen, wéi wa Lëtzebuerg dat eenzegt Land kéinnt sinn, an deem d'Regierung dat misst fäerdeg bréngen, ouni dass et een substantiellen Impakt op de Budget hätt. Et huet een Impakt, an mir wäerten nach eng Rei Joren dru knaen, genoe wéi all déi aner Länner och.

An awer weist den europäesche Verglach, dass Lëtzebuerg zu deene Länner gehéiert, déi am beschten opgestallt waren, an des Kris och finanziell mat am beschte meeschteren.

Losst mech dat illustréieren un Hand vun :

- der Staatsschold.
- den Mesuren déi geholl goufen fir d'Ekonomie an d'Leit ze ënnerstëtzen.
- dem Chômage.

Staatschold

Zu der Staatschold. Fir 2021 chiffréieren d'Prévisiounen d'Staatschold mechanesch op 18,9 Milliarden Euro respektiv 29,4% vum PIB.

Wat d'Staatsschold ubelängt esou ass den Grand-Duché op der 2. PlaatZ hannert Estland dat Land an der EU, dat deem niddregsten Taux huet. D'Staatschold vun Estland mecht awer en zolitten Sprong vun 8,4% virun der Kris op 23,6% am Joer 2021.

ÉVOLUTION DE LA DETTE PUBLIQUE EN EUROPE

source :
Projets de plan budgétaire des Etats-membres &
Prévisions d'automne de la Commission européenne



Lëtzebuerg affichéiert iwwregens mat enger Progressioun vun 7,4 Prozentpunkten (vun 22% Schold op 29,4%) déi **niddregsten Augmentatioun** vun senger Schold tëscht den Joeren 2019 an 2021, an dat an der ganzer Eurozon. Och dat wär net méiglech gewierscht, wann d'Situatioun net sou gutt gewierscht wär, wéi ech dat virdrun beschriwwen hunn.

Als Verglach :

- D'Augementatioun a Frankräich läit bei 18,1 Prozentpunkten (vun 98,1% op 116,2%).
- D'Augmetatioun an der Belge läit bei 15,5 Prozentpunkten (vun 98,1% op 113,6%).


- D'Augmentatioun an Däitschland, grad sou wéi Lëtzebuerg en AAA Staat, läit bei 10,7 Prozentpunkten (vun 59,6% op 70,3%)

Dat Land, mat der héchster Augmentatioun, Spuenien, läit bei 21,9 Prozentpunkten, méi wéi dräi mol eise Wäert.

Et ass net vun ongeféier, dass Lëtzebuerg och an der Kriis den Triple A mat stabler Perspektiv confirméiert krut.

Mesuren déi geholl goufen fir d'Ekonomie an d'Leit zë ënnerstëtzen.

Deen 2. Verglach deem ech gären maachen géng dat ass deem vun der Envergure vun den Mesuren déi geholl goufen, fir d'Ekonomie an d'Leit zë ënnerstëtzen.



Do geet z.B. aus den Avisen vun der Europäescher Kommissioun zu den Plans budgétaires ervir, dass d'Mesuren an Däitschland, déi een direkten Impakt op den Budget hunn, am Joer 2020 ganzer 4,7% vum PIB ausmaachen. A Frankräich sinn et der 2,9% an bei der Belsch 3,9%. Den Pak vun den Mesuren zu Lëtzebuerg mëscht 5,1% vum PIB aus.

Pro Kapp bedeit dat fir Lëtzebuerg 4.928 Euro. Fir d'Belsch bedeit dat 1.497 Euro. Bei Frankräich sinn et 977 Euro an bei Däitschland 1.888 Euro. Irland läit do un 2. Plaz an Europa hannert Lëtzebuerg mat 3.450 Euro pro Kapp.

D'Kommissioun huet an hiren Avisen zu den Plans budgétaires d'Memberstaaten an 3 Kategorien agedeelt.

Déi eng déi, esou wéi d'Kommissioun seet, déi richteg an néideg Mesuren geholl hunn an déi op Zäit begrenzt sinn. Lëtzebuerg gehéiert zu där Kategorie.

Dann huet se awer bei verschiddenen Länner gesinn, dass d'Mesuren net zäitlech begrenzt sinn an e negativen Impakt op d'Staatsfinanzen kënnen hunn.

An dann ginn et déi Länner déi schons virun der Kris eng héich Schold haten an oppassen müssen, dass d'Nohaltegkeet vun hiren Staatsfinanzen à moyen terme net a Gefor geréit.

Chômage

Wat den Chômage ubelaangt do stellen mir krisenbedéngt vun 2019 op 2020 en Sprong vun 5,6%, op 6,6% fest.

Fir 2021 geet een vun engem Taux vun 7,1% aus.

Fir d'Eurozon läit den Chômage fir 2019 bei 7,5%, fir 2020 bei 8,3% an fir 2021 bei 9,4%. Fir d'ganz Europäesch Unioun ass den Taux fir d'Joer 2019 bei 6,7%, fir 2020 bei 7,7% an fir 2021 bei 8,6%.

Mir stinn also nach ëmmer gutt do am europäeschen Vergläich.

Här President,

Léiw Kolleege,

Ech sot schonns am Oktober, dass dëst en aussergewöhnlechen Budget ass fir aussergewöhnlech Zäiten.

Mir konnten bis elo duerch déi gutt Ausgangspositioun déi mir haten um Niveau vun eisen Staatsfinanzen dës Kris esou gutt et gong offiederer an och nach déi néideg Investissementer plangen fir eng nohalteg Relance.

Den Vaccin deen elo geschwënn den Leit kann zur Verfügung gestallt ginn gëtt eis Hoffnung an Zouversicht, dass dës Kris geschwënn Geschicht ass.

Jo, mir wäerten nach eng Zäit mat den Ausleefer vun der Kris ze kämpfen
hunn, mee ech sinn iwwerzeegt, dass mir och dat packen wäerten.

Mir müssen net fir eis Staatsfinanzen beonrouegt sinn. Mir wäerten
weiderhin eng virsiichteg an verantwortungsvoll Finanzpolitik maachen.

Ech soen Iech Merci!